N° 6128
Reçue le 02.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.05.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/05/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

All Aarbechter am Privatsekteur mat engem Statut handicapé an all Aarbechter am Privé am Reclassement extern kann zesumme mat sengem Patron eng "assistance à l'inclusion dans l'emploi" bei der Adem ufroen, wann een Aarbechtskontrakt vu mindestens 12 Méint virläit. Dee Moment kuckt een Assistent mat dem Aarbechter an dem Arbeitgeber, fir déi speziell Besoine vum Aarbechter ze definéieren, ee Projet auszeschaffe fir dës Besoinen z'erfëllen an ee Suivi vun der Ëmsetzung ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir eng Assistance sinn säit der Aféierung am Feburar 2020 agaangen?
2. Bei wéi villen Demanden handelt et sech ëm Aarbechter mat engem Statut handicapé?
3. Bei wéi villen Demanden handelt et sech ëm Aarbechter am Reclassement extern?
4. Kann de Minister Zuelen zu der Gréisst vun den Entreprisë ginn, déi dës Assistance an Usproch geholl hunn?
5. Den Assistent schreift ee Rapport final, an deem festgehale soll ginn, op de Projet ee Succès war a wat fir Aktiounen nach no der Assistenz-Zäit sollen ëmgesat ginn.
   Wéi vill Prozent vun de Schlussrapporte säit der Aféierung ginn ee positiivt Schlussresultat erëm? Wéi vill Prozent een negatiivt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député